

Dossier suivéiert vum
Schäfferot ☎ 359 711-207
✉ college.echevinal@sandweiler.lu

CSV Sandweiler
Här Romain Dumong

Sandweiler, de 26. Juni 2025

Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 27. Mee 2025

Eis/Ref. : CSV - 2025.05.27 - CE

Är/Ref. : Courrier vum 22. Mee 2025

Här Dumong,

Heimadde schécke mir lech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot an der Gemengerotssëtzung vum 27. Mee 2025 hat.

Fro 1:

Laut engem Artikel vum Wort vum 14.05.20251 géife sämtlech Wunnhaiser an der Cité de l'Aéroport nach dëst Joer ofgerappt ginn.

- *Ass eisen Office social agebonne fir deene betraffene Leit ze hëllefen eng nei Wunnengen ze fannen?*
- *Ass de Schäfferot au courant op déi Leit schonn all eng nei Wunneng fonnt hunn?*

<https://www.wort.lu/luxemburg/zentrum/abriss-der-cite-de-l-aeroport-beginnt-noch-in-diesem-jahr/66868651.html>

Äntwert:

De Moment sinn nach 4 Wunnechte bewunnt.

De Staat bekëmmert sech ëm de Relogement vun de Bewunner duerch d'Agence immobilière sociale (AIS).

Fro 2:

"De 14.03.2025 ass den Accord de mise à disposition fir d'Croix-Rouge bezüglech engem Haus 9, rue de Trèves, sou wéi en an der Gemengerotssëtzung de 27.06.2024 verlängert gouf, ausgelaf.

Gett deen Accord nach mol verlängert?

- *Wunnen déi ukrainesch Flüchtlingen nach an deem Haus oder steet dat Haus am Moment eidel?*
- *Wat plangt de Schäfferot mat deem Haus ze maachen?"*

Äntwert:

D'Croix-Rouge ass net méi un enger weiderer Locatioun interesséiert.

De Moment wunnt eng Famill déi en Urgence huet misse placéiert ginn a mir schaffen an enker Zesummenaarbecht mat eisem Assistant social Claude Keiser.

De Schäfferot,



Claude Mousel,
Schäffen



Jacqueline Breuer,
Buergermeeschtesch



Corine Courtois,
Schäffin